ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister, un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Op ville Plazen am Land si Bicherschief ze fannen. Dëst ass eng gutt Initiativ, fir de Bierger en onkomplizéierten Zougang zur Kultur a Literatur ze erméiglechen. Et schéngt awer esou ze sinn, ewéi wann d'Initiativ, fir Bicherschief ze placéieren, virun allem vun de jeeweilege Gemengen ausgéing.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann d'Regierung confirméieren, datt d'Initiativ, fir Bicherschief ze placéieren, eleng vun de Gemengen ausgeet?
2. Ginn an deem Kontext op Regierungsniveau Ustrengungen ënnerholl, fir d'Gemengen ze encouragéieren, d'Konzept vum Bicherschaf ze propagéieren? Wa jo, wéi gesinn dës Ustrengunge konkret aus?
3. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert ënnerschiddlech Konzepter vu Bicherschief? Fonctionéieren dës ëmmer nom Konzept vun engem Tosch, wou een sech e Buch eraushëlt an dobäi awer opgefuerdert ass, en anert Buch eranzestellen oder ginn et och Bicherschief, wou een sech Bicher eraushuele kann an dës domat geschenkt krut?
4. Ginn et Méiglechkeeten, fir esou Echangen oder Kaddoen iwwer lokal Bibliothéiken ze organiséieren? Wa jo, wéi eng lokal Bibliothéike géingen do a Fro kommen?
5. Ginn et Initiativen, duerch déi Leit nei oder gebrauchte Bicher kënne spezifesch u sozial schwaach Leit viru ginn? Gëtt et dobäi och speziell Méiglechkeeten, fir Kannerbicher u méi aarm Kanner ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten